N°7010
Entrée le 18.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Den Accord vum 17te Juli 2017 tëscht Lëtzebuerg an der Belsch iwwert d'Medezinstudium, deen de Lëtzebuerger Studenten nom éischte Joer hei am Land eng Weiderféierung vun hire Studien an der Belsch erméiglecht, gëllt nëmme fir Persounen, déi hire Lycée zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Residenten, déi sech entscheet hunn, net zu Lëtzebuerg an ee Lycée ze goen, kënne vun dësem Accord net profitéieren, an domat net, no engem Joer hei am Land, an d'Belsch wiesselen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass den Accord fir Medezinstudente vum Juli 2017 misst an der Hisiicht nogebessert ginn, esou dass all Lëtzebuerger Resident, deen zu Lëtzebuerg ugemellt ass, vun dësem Accord ka profitéieren? Firwat gouf decidéiert dëst net esou am Accord vun 2017 festgehalen?

2. Wäert de Minister sech mat sengem belschen Homolog a Kontakt setzen, fir iwwert dës Problematik ze beroden, fir sécher ze stellen, dass kee Resident op Grond vu sengem viregte schoulesche Parcours hei eng Chance verléiert, fir Medezin ze studéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten